

Lëtzebuerg, de 7. Mee 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„Aus ëmmer méi Deeler vu Nordrhein-Westfalen an och aus dem Bundesland Bayern kënnt dës Deeg d’Noriicht, dass sech d’Huesepescht, och Tularämie genannt, an deene Regiounen ëmmer weider verbreet. Dës héichustiechend Infektiounskrankheet verursaacht bei Huesen, Kanéngercher an anere Nagedéieren, dass si vill ofmoeren, apathesch ginn an torkelen – et kënnt zu enger Aart Blutvergiftung an d’Déiere verenden no kuerzer Zäit.

Am direkte Kontakt mam Déier oder och mat den Exkrementen vun dësen Déieren ass dës Krankheet och op de Mënsch iwverdrobar. D’Symptomen beim Mënsch sinn änlech wéi bei enger Gripp; Kappwéi, héich Féiwer oder och en Houscht, a si mussen mat Medikamenter behandelt ginn.

De Noriichten aus dem Ausland no soll et an de leschte Joren ëmmer erëm zu Infektiounen bei Mënsche kommen. Besonnesch oppasse soll ee bei Hënn oder Kazen, déi d’Krankheet un de Mënsch kënne weiderginn, an och Insekten kéinten se direkt op de Mënsch iwverdroen. 2019 hätten sech esou an Däitschland 72 Leit mat dëser Krankheet infizéiert.

An deem Kontext wollt mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- Sinn den Ament Fäll vun Tularämie hei zu Lëtzebuerg bekannt?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wa jo, wou sinn dës Déiere fonnt ginn?*
- *Den Här Minister sot 2020 a senger Äntwert op eng mëndlech Fro et géing een am Saarland nofroen, wéi wäit den Impfstoff fir dës Krankheet developpéiert wier. Konnt den Här Minister hei weider Detailer erausfannen a wat fir eng?*
- *Sinn d’Bauern an d’Jeeër op déi momentan Situatioun opmierksam gemaach ginn?*
- *Bestinn Preventiounsmoossname fir eng Verbreedung hei am Land ze evitéieren? Falls jo, wat fir eng?*
- *Bestinn Risiken fir aner Déieren déi fräi um Feld gehale sinn, an eventuell mat kranken Déieren a Kontakt kéinte kommen?*
- *Bestinn Risiken fir Veterinären oder aner Berufsgruppen sou wéi beispillsweis an der Restauratioun?*
- *Wéi sollen d’Leit virgoen, am Fall wou si ee krankt oder doudegt Déier an der Natur géife fannen?“*

Mat déiwem Respekt,



Claude Lamberty
Deputéierten



Max HAHN
Deputéierten